# den Lac de Freux den 27.August 2011

Den Flyfishing Club Lëtzebuerg hat den 27 August 2011 éng Sortie op den Lac de Freux an der Belscht. Dësen Site an der Géigend vun Libramont ass ongeféier 90 km vun Lëtzebuerg eweg geleën. Zu Sterpenich fiirt een iwwer d'Grenz an dann weider op der A 4 Richtung Bréissel ewou een bei der Sortie 26 / Libramont d'Autobunn verléisst. Duerno fiirt een nëmmen nach op der Landstrooss Richtung Libramont an unschléissend Sainte Odé. Op halwer Streck an Richtung Sainte Odé läit dann rechter Hand den Séi vun Freux deen een vun der Strooss aus gudd gesin kann. Den Séi huet éng Waasserfläch vun ongeféier 10 ha an ass am Anlaaf ëm déi 1,5 m an am Auslaaf ëm déi 6 m déif. Den Lac de Freux ass gudd besaat mat Rébouforellen an allen Gréissten an och Bachforellen fënd een hei vir. Mir hun awer och bei onserer Sortie éng selechen kléng Piigen gefaangen déi och an dësem Gewässer ganz heefeg virkommen.

Den Dagesschäin zu Freux kascht 25 euro, ewoubäi een zwee Fësch ënner 45 cm mathuelen kann . Et kann een awer och nëmmen een halwen Dag fëschen, dann kascht et 14 euro an et däerf een 1 Fësch ënner 45 cm mathuelen. Um Site selwer leien dräi Booter déi een fir een Oppräiss vun 10 euro lounen kann. Och d'Belly – boat dirf hei zum Ansatz kommen, hei ass een Supplément vun 4 euro ze veriichten. Den Schäin kann een beim Séi selwer anléissen ewou den Wiechter vum Site regelméisseg passéiert.

Ewei mir unkomm sin, huet d'Wieder sech net vun sénger allerbeschten Säit gewissen an et sollten am Laaf vum Dag nach esou munech Schaueren op Eis niddergoën, mée wann een d'Memberen vum Flyfishing Club Lëtzebuerg kennt dann wees Een dass och Dat déi gudd Stëmmung bei onseren Sortiën net drécken kann. Esou woren dann och op dësem Samschden éng gudd zwanzég Memberen ungetrueden fir een schéinen Dag beim Fëschen mat den Kollegen ze verbréngen. Um Site unkomm ass fir unzefänken eemol deen leschten Beschass ausgetosch gin, duerno ass iwwert d'Virgoëns Art an Weis phylosophéiert gin, déi nei Mécken sin virgestallt an ofschléissend och ënnerëneen ausgetosch gin.



Dat huet schon ee bëssen Zäit an Unsproch gehol mée dat gehéiert awer dozou ewell op den Sortiën vun eisem Club d´Geselegkeet ëmmer ganz grouss geschriwwen gët. Duerno ass et awer las gaangen, am Unfank wor et relativ schwéier déi richtég Taktik un den Dag ze leën, mée lues an lues huet dun Jidvereen séng Fësch gefaangen. d´ Fëscher wellesch an den Booter erausgefour woren haten heibäi déi meeschten Chancen, mée och vun Land aus sin esou munech schéin Fësch gefaangen gin. Déi Éng hun hir Fësch mat schwaarzen Streamer gefaangen, ewoubäi déi Anner mat Blop´en hir d´Gléck probéiert hun an esouguer op déi drechen Méck sin vill schéin Fësch gefaangen gin. Et sin och ganz vill Fësch gefaangen gin obschon et am Unfank net duerno ausgesin hat.

Iwwer Mëtteg huet dun den Präsident erëm op séng formidabel Grillade invitéiert, déi Hien mat der Hëllef vum Claude an dem Robert fir eis präparéiert huet. Hien mécht sech ëmmer éng besonnesch Éier drauss eis ze verwinnen an esou wor deementspriechend och d´Stëmmung ganz ausgeloossen, ewoubäi den Carlo et sech net huelen geloos huet fir erëm hannert eisem Präsident ze stëppelen, Hien ass ëmmer hannert dem Jeek an spillt Him esou munechen Streech, mée eisen Präsident meeschtert och dës Situatiounen op séng Him eegen

souverän Art an Weis..... duerno sin natirlech déi neisten Aventuren ungesprach an déi lescht erliewten Vakanzendestinatiounen ënnerëneen ausgetosch gin. Déi Éng woren mat der Famill ënnerweë an déi Anner woren zeguer an der Vakanz fëschen, esou konnt een dann och ee puer nei Destinatiounen am Ausland kennen léieren ewou et sech mat der Méck fëschen léisst. Nodeems Jidvereen dun séng Reserven opgefëllt hat ass déi zweet Halschent angelaut gin. Mëttes wor d'Wieder dann och éng Grëtz besser, dat heescht d'Schaueren woren ee bëssen méi kuurz an d'Sonn huet sech och hei an do gewissen.